**Evangelium vum 9. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 2,23 - 3,6**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

23 Et huet sech esou fonnt,
datt de Jesus op engem Sabbat duerch d'Karstécker gaang ass.
Ënnerwee hunn seng Jünger ugefaang, Éien ofzerappen.
24 Du soten d'Pharisäer zu him: "Kuck dach nëmmen,
firwat maachen si eppes, wat um Sabbat net erlaabt ass?"
25 Dunn huet hien hinne geäntwert: "Hutt dir nach ni gelies,
wat den David gemaach huet,
wéi hien näischt hat an hongereg war,
hien an déi, déi bei him waren,
26 a wéi hien dunn an dem Herrgott säin Haus gaang ass
– et war zur Zäit vum Hohepriister Abjatar –
an dat geweitent Brout giess huet,
obschonns ausser de Priister keen et huet däerfen iessen,
a wéi hien och deenen, déi bei him waren, däers Brout ginn huet?"

27 An de Jesus sot zu hinnen:
"De Sabbat ass do fir de Mënsch,
an net de Mënsch fir de Sabbat.
28 Duerfir ass de Mënschejong Här a Meeschter och iwwer de Sabbat."

1 Hien ass nees an d'Synagog gaang.
Do war e Mann, deen eng verkrëppelt Hand[i] hat.
2 Si hunn de Jesus am A behal
an uechtgedoen, ob hien de Mann um Sabbat heele géif,
fir datt si hien ukloe kéinten.

3 Du sot hien zu deem Mann mat där verkrëppelter Hand[ii]:
"Stéi op a stell dech an d'Mëtt!"
4 An zu hinne sot hien:
"Ass et erlaabt, um Sabbat Guddes ze doen,
oder soll ee Béises maachen?

Soll ee Liewe retten oder awer doutmaachen?"
Si hu kee Wuert gesot.
5 Hien huet si der Rei no voller Roserei bekuckt
a war verdrësserlech wéinst hire verstengerten Häerzer.
Du sot hien zum Mann:
"Streck deng Hand aus!"
De Mann huet se ausgestreckt,
an d'Hand war geheelt.

6 Du sinn d'Pharisäer erausgaang,
an si hunn sech gläich mat dem Herodes senge Leit doriwwer beroden,
wéi si de Jesus ëmbrénge kéinten.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Wuertwiertlech: eng verdréchent Hand.*
[ii] *Wuertwiertlech: mat där verdréchenter Hand.*